N°2559
Entrée le 08.07.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

**Äntwert vun der Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten an vum Minister fir Wirtschaft, PME, Energie an Tourismus op déi dréngend parlamentaresch Fro n° 2559 vum 3. Juli 2025 vun der Madamm Deputéiert Stéphanie Weydert.**

Déi honorabel Deputéiert Madame Stéphanie Weydert huet eng parlamentaresch Fro zum Accident an der Schleis Sankt Aldegund den 2. Juli 2025 an Däitschland gestallt.

**Goufen d'Ministeren vun den Däitschen Autoritéiten informéiert, wéi laang de Schëffsverkéier op der Musel wäert ënnerbrach ginn?**

D'Regierung ass den Dag selwer vun den däitschen Autoritéiten informéiert ginn, datt e Kabinnepassagéierschëff, géint 16 Auer 25, an der Schleis zu Sankt Aldegund um Muselkilometer 78,30 mam ieweschten Deel vun der ënneschter Paart kollidéiert ass, am Moment wou d'Schëff an d'Schleis era gefuer ass.

Direkt dono ass eng virleefeg Spär bis de Sonndeg 6. Juli 00h00 Auer vun den däitschen Autoritéiten entscheet ginn fir eng Expertis ze maachen, wat iwwert en "Avis à la batellerie" matgedeelt gouf.

De Schued vun der Paart konnt iwwert déi lescht Deeg provisoresch gefléckt ginn, esou datt déi zwee Fligele vun der Paart net mussen direkt ersat ginn. Aktuell ass de Fokus vun den Däitschen Autoritéite fir de Passage vun der Schleis, esouwuel fir déi Schëffer déi erof fuere, wéi fir déi déi eropfueren, ze assuréieren.

An deem Sënn goufen de Samsdeg Schëffer, déi am ieweschten Deel vun der Musel waren, no ënne geschleist, an et ass virgesinn ab en Dënschdeg dem 8. Juli Schëffer mat der bestoender gefléckter Paart no uewen ze schleisen. Wann dat den Erwaardungen no ofleeft ass de Schëffsverkéier erëm a béid Richtungen op, wann och mat klengen Aschränkunge besonnesch fir Passagéierschëffer.

**Wéi séier kennen d'Importateuren op aner logistesch Moyenen ëmbauen?**

D'Importateure kenne kuerz Ënnerbriechunge relativ gutt iwwert hire Stock an hier aner Approvisionnementsméiglechkeeten via Camion an Zuch opfänken. Et ass ze bedenken, datt esou onvirgesinn Ënnerbriechunge vum Waasserwee och duerch Niddregwaasser oder z.B. Héichwaasser entstoe kënnen an d'Importateuren do grondsätzlech drop reagéiere kënnen, respektiv multimodal opgestallt sinn. Dat ass och an dësem Fall esou.

**Wat bedeit dës Ënnerbriechung fir den Hafen vu Mäertert?**

Ewéi an der Äntwert op déi 2. Fro beschriwwen, ass eng onerwaart a kuerz Ënnerbriechung vun engem Transportwee ouni gréisser Schied opzefänken. Wann ab muer den Erwaardungen no de Verkéier fléisse kann, misst d'Ënnerbriechung ganz begrenzt sinn.

De Comité de Conjoncture ass a Gespréicher mat de potenziell betraffene Betriber a verfollegt d'Entwécklunge genau. D'Méiglechkeet, *Chômage partiel pour cas de force majeure* ze accordéieren ass eng Optioun fir gegeebenenfalls déi Lëtzebuerger Betriber ze ënnerstëtzen déi direkt vum Tëschefall betraff sinn.

Falls et zu Stéierungen an de Liwwerkette sollt kommen, ass d'Regierung och bereet fir aner Mesuren ze huelen, wéi d'Aussetze vum Sonndesverbuet fir d'Camionen, sollt dëst néideg sinn. Et sinn schonn éischt Gespréicher mat der CFL gewiescht fir prett ze sinn, falls méi Zuchcapacitéiten en Place gesat misste ginn.

D'Regierung wäert d'Evolutioun vun der Situatioun suivéieren a bleift an enkem Kontakt mat de betraffenen Acteuren.

**Gouf de wirtschaftlechen Ausfall vun der Ënnerbriechung vum Schëffsverkéier duerch den Incident zu Müden chiffréiert?**

Fir de finanziellen Impakt ass tëschent dem direkten an dem indirekte Schued z'ënnerscheeden.

Den indirekte Schued, dee länneriwwergräifend Liwwerketten an Entreprisen aus ville Beräicher an aus méi Länner betrëfft, ka weder eenzel nach gemeinsam evaluéiert ginn.

Et gëtt an dësem Kontext op d'Äntwert op d'parlamentaresch Fro Nummer 1642 vum Här Engelen vum 9. Dezember 2024 verwisen.

Eng Schätzung vu 5,4 Milliounen Euro fir den direkte Schued vun der Reparatur vun der Schleis Müden gouf vun den däitschen Autoritéite veröffentlecht.

**Ginn et Noutfallpläng, falls esou een Incident op enger Schleis zu Lëtzebuerg géif geschéien, fir dës esou séier ewéi méiglech ze reparéieren?**

Virop ass ze bemierken, datt d'Schleisen op der Musel an engem Kondominium sinn, an deemno, vu Lëtzebuerg an Däitschland zesumme geréiert ginn. Geméiss dem Vertrag vun 1976 sinn déi däitsch Autoritéite fir d'Erneierung, de Bau an den Entretien vun de Schleisen zoustänneg a schaffen enk mat Lëtzebuerg zesummen. Lëtzebuerg ass zoustänneg fir d'Schleisen ze bedreiwen.

Scho virum Accident am Dezember 2024 op der däitscher Schleis zu Müden, goufe vun den däitschen Autoritéite Paarte bestallt fir se am Fall vu Incidenten op Stock ze hunn. Dës ginn deemnächst geliwwert, wouvun eng direkt op St. Aldegund goe kéint

Doriwwer eraus, alles wat dat däitsch *Wasser-und Schiffahrtsamt* vun Techniken an Noutprozeduren am Fall vu Müden an elo zu St. Aldegund geléiert an ëmgesat huet, gëtt duerch déi enk Zesummenaarbecht och zu Lëtzebuerg en Deel vum *Toolkit*.

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

Lëtzebuerg, den 07.07.2025

D' Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) Yuriko Backes